

De panevippchen

N°111 2/2015

N°111 2/2015

Hausdéieren

Bullisnascht
Autsch! Eng Bloder
De Kakapo
Wisemusikanten
Kugelen





News

D'Zikad an d'Seejomes



D'Zikad huet musizéiert
de ganze Summer voller Freed,
a kouw an Nout a Leed,
wéi dunn d'Keelt huet regéiert.
Si hat net ee klengt Stéck
vu Wiermchen oder Méck.
A goug vun Honger ganz wackeleg
bei d'Seejomes, hir Nopesch,
an huet si gebieden
hir ze léinen e bësse Kar
fir z'iwwerliewen
bis an d'nächst Jahr.
«Ech bezuele virum Summer alles zréck,
a leeën als Zënsen derbäi e gutt Stéck.»
D'Seejomes léint net gären,
si ass e spuwersame Käreel.
«Wat hutst dir am Summer gemaach?»
Seet si zur Zikad.
«Dag an Nuecht
hunn ech mat Sange verbruecht.»
«Dir hutst gesong? Wéi schéin! Majo,
dann danzt elo!»



Grill oder Zikad?

Tëschent Grillen an Zikade ginn et ganz vill
Ënnerscheeder: kuck d'Zeechnungen.
Grille kënnen och Musek maachen: dofir reiwe
si hir hënnescht Flilleke laanschteneen.




Foto: Zilpe~commonswiki



Foto: Roberto Zanon



Zikad



Grill

Dinosaurierpark Teufelsschlucht



E superflotte Park gläich
hanner lechternach! Mat
villen Dinoen a Liewensgréisst.
Du kanns Schanken am
Sand ausbuddelen oder aus
Gipseplacken erausklappen,
Dinoe faarweg molen an
bei extraen Aktivitéite
matmaachen.
Kuck op:

www.teufelsschlucht.de

All Dag op vun 9.00 bis 18.00
Auer, vu Mäerz bis November.

Kanner 4-12 Joer: 7,50 Euro€
Jugendlecher vun 13 Joer un
an Erwuessener: 9,50 Euro

Ferschweilerstraße 50
D-54668 Erzen





Summerzäit - Zeckenzäit

Sou komme mer dësem ongemittleche Gesell aus de Féiss:

* zoue Schung, eng Kap a Kleeder mat laangen Äerm a laange Been undoen

* op de Bëschweeër bleiwen

* nom Ausfluch d'Kleeder ausrëselen an de Kierper ganz genoe no Zecken ofsichen



Wa mer eng Zeck hunn, keng Panik!

* mat enger Pince, enger Zeckekaart oder enger Zeckeschläng d'Béischt aus der Haut erauszéien (zur Nout mat de Fanger)

D'Zeck sou wäit wéi méiglech vir um Kapp upaken a se ganz riicht no uewen erauszéien, ouni ze dréien. Net fest op den Zeckekierper drécken, well dann dréckt ee méiglecherweis Krankheetserreger an d'Wonn.

!!!Op kee Fall probéieren d'Zeck mat Ueleg, Alkohol, Colle, Crème oder aner Saachen dout ze maachen!!! Well déi iwwergëtt sech dann a späitzi Krankheetserreger an d'Wonn.

* Wann d'Zeck eraus ass, déi kleng Wonn desinfizéieren.

Lies méi : <http://www.panda-club.lu/2012/09/panewippchen-022012/>



* Sangzikaden zéien 900x an der Minutt e Stéck Panzer no bannen

* Insekten hu 6 Been

* Biergzikade sinn 3 cm laang

Den 'natur musée' ass lo och op facebook!

www.facebook.com/MNHNL



PW 2/2015

Wat ass dran?

SÄIT 1

DE PANEWIPPCHEN 2/2015

Thema: Hausdéieren



SÄIT 2

NEWS

Neiegkeeten aus dem 'natur musée' an der Natur zu Lëtzebuerg

SÄIT 4

BULLISNASCHT

Hauschmuewele bauen en Nascht



SÄIT 6

HAUSDÉIEREN

Wéi eng Hausdéiere passen zu eis?



En Interview mat der Véidoktesch

SÄIT 14

KNIWWELN

Seefeblosen- a Jickebiller

E Jickesäckelche selwer man



SÄIT 16

BLODEREN

SÄIT 19

KNIWWELN

Rouden Ueleg



SÄIT 20

DE KAKAPO

SÄIT 23

LA CIGALE ET LA FOURMI



SÄIT 24

WISEMUSIKANTEN

Zikaden zu Lëtzebuerg



SÄIT 27

KNIWWELN

Zikaden aus Pabeier falen

SÄIT 28

KUGELN AN DER NATUR

SÄIT 31

KNIWWELN

Jicke selwer rullen Impressum



SÄIT 32



'natur musée'






BULLISNASCHT?





De Mensch als Hausdeier





Du bass de ganzen Dag eleng an engem Zëmmer agespaart, ouni Spillgezei, Tëlee oder Computer. Aus Langweil verschléifs de de ganzen Dag.

Owes geet d'Luucht un an e risegt pelzegt Déier kënnt eran, hëlt dech a seng Patten a këddelt der de Bauch. Aus Angscht hues du fréier gejaut a gestruewelt, mee da bass du nëmmen nach méi fest gedréckt ginn.



Lo léiss du dat pelzegt Déier einfach gewäerden. Ëmmerhin stellt et der all Dag Brout a Waasser dohinner.

Heiansdo kommen dem Déier seng Kanner dech huele fir ze spillen, da kämme se deng Hoer, leeën dech op de Réck fir dech ze këddelen an huelen dech op den Aarm fir ze kuschelen. Och si léiss de gewäerden, well am Fong ass dat alles nach besser, wéi de ganzen Dag eleng an deem Zëmmer agespaart ze sinn.



Mee du kanns näischt maachen, fir dës Situatioun ze änneren, ausser ze dreemen, du häss e Mënschekolleg, deen dech versteet,



mat deems du kanns schwätzen a spillen. Du dreems och dovunner, e Buch ze liesen, e Film ze kucken a souguer dovunner, datt do Eltere sinn, déi nerven, well d'äin Zëmmer net geraumt ass...

Gutt, datt dat nëmmen eng Geschicht ass, leider ass awer sou e Liewe fir vill Hausdéiere keng Geschicht, mee Wierklechkeet.

An déi Mënschen, déi si halen, kréien dat dacks mol net mat, well si si frou mat hinnen, ginn hinnen z'iesse an hale si propper. A sou laang si näischt futti maachen an net bäissen, mierken si net, wéi hiert Déier muss leiden.



Den Hausdéiere geet et net duer, datt d'Mënschen frou mat hinne sinn, si brauchen Auslaf, Beschäftegung a ganz dacks och en Déierekolleg, fir sech wuel ze fillen.

Mee lo loosse mer si selwer erklären, wat si brauchen.

Hausdeieren - Hond



Wat brauchst du dann,
fir datt et dir guet geet?



Hond: Mäi wëlle Cousin,
de Wollef, huet säi Rudel a
wann ech eng Famill hunn,
bei där ech ka liewen an déi sech vill
mat mir beschäftegt, dann ass dat
zimlech genial. Da brauch ech och kee
Muppekolleg.
An natierlech brauch ech Auslaf. Ech
perséinlech hunn am léifsten d'Natur,
well do gëtt et ëmmer eppes ze
entdecken. Ech rennen, sprangen,
ginn dorëmmer schnoffelen a
sprangen an de Bulli an an
d'Waasser oder ech spillen.



Ech bréngen (bal) alles, wat mäi Mënsch
mer geheet an ech selwer spillen am
léifsten, "wie ka besser rappen?"

PW: Rappen?

Hond: Neen, rappen!

Wat ee Bretzert!
Wéi ee Kand passt
da bei dech?



An deng Sprooch?



Hond: Billen, jippen an haulen
- jiddwereen huet se scho mol
héieren, mee net all Mënsch
versteet se richtig. Dat gëllt och fir
meng Kierpersprooch, mee e puer
Saache weess awer bal all Kand:
Schwanzwackelen heescht, «ech
si frou», Zännweisen a Pelzsträuben
heescht meeschtens, datt ech rose
sinn. Och wann d'Mënsche mech
net ëmmer richtig verstinn, ech
versti si meeschtens guet. Ech
gesinn, ob si traureg sinn, frou sinn
oder Angscht hunn. Dat alles
gesinn ech, an ech richen et
net, wéi vill
Mënschen dat
sou mengen.

Hond: Als Spillkomerod
kréien ech och nach dat
rouegst Kand un d'Spillen
oder Rolzen. An zesumme
kuschelen ass och ganz
super. Also am Fong ginn ech
mat hinnen allen eens. Wann
eppes mer net geet, da weisen
ech dat mat Grommelen oder
gi menger Wee, dat verstinn
d'Kanner awer heiansdo net
richteg. Mee ech denke schonn,
datt ech dem Mënsch säi
beschten Déierekolleg sinn.



Wat ee Bretzert!
Mee vläicht
huet e jo net
ganz onrecht.



Wéi eent passt bei dech?

Kaz



Wat brauchst du, fir datt et dir gudd geet?

Kaz: Am Fong ass dat ganz einfach, Haaptsaach et léisst ee mech maachen, wéi ech wëll. An dat gefällt mer och ganz gudd: stonnelaang dobausse ronderëm schläichen an kucken, ob ech Mais a Villercher fannen, fir ze joen. Oder spillen, mat engem Ball, enger Fieder oder engem Blat. Soubal eppes wibbelt, da schläichen ech mech un a probéiere mer et ze krogen. Ginn ech dobanne gehalen, da brauch ech ee Kazekolleg fir ze spillen, soss ginn ech krank vu Langweil.

Jo, an och kuschelen ass net schlecht. Fir datt ech op menge Lieblingsplaze gekrault ginn, halen ech déi mengem Kazekolleg oder dem Mënsch dohinner.



PW: An deng Sprooch?

Kaz: Du verstees jo och, wat ech der lo soen, oder net? Wa mer eppes net geet, da späizen ech, wann dat net hëlleft, da gëtt gekraazt a gebass. Wann ech frou sinn, da strecken ech mäi Schwanz an d'Luucht, dat gesäit jo och ganz elegant aus.

PW: Si ass awer och guer net agebild! Wéi e Kand passt bei dech?

Kaz: Ech hunn all Kanner gären, déi alles genee sou maachen, wéi ech dat wëll a wéini ech dat wëll. Spillen, kuschelen an iessen.

PW: Ech verstinn, Haaptsach alles danzt no hirer Päif, soss gëtt si kazeg!



Mierschwéngchen, Kanéngchen,



Kanéngchen: Mir brauchen eises gläichen, fir ze spillen an ze kuschelen, nëmme Mënsche ginn eis net duer. Leider gi mir ëmmer nach dacks eleng gehalen...

Mierschwéngchen:

Looss mech mol! Mir ginn dacks als Spillsaach fir Kanner gehalen, dat muss de der mol virstellen! Och wa mir léif ausgesinn an e mëlle Pelz hunn, si mir kee Kuscheldéier. Am Géigendeel, mir si vun Natur aus zimlech ängschtlech a loossen eis net gäre vu Mënschen upaken. An da kënnt do sou en Däbbes, zitt mech aus dem Käfig, fir mech op den Aarm ze huelen an ze heemelen. Ech ka jo net fortlafen an aus Angscht halen ech stall, wann et ganz schlëmm gëtt, jäizen, krazen oder bäisse mer dann. Wéi solle mir eis da soss wieren?



PW: Schlëmm, an da kënnt dat och nach relativ oft vir, oder?

Kanéngchen: Jo an domat net genuch. Oft musse mer an engem Käfig sëtzen, dee vill

ze kleng ass, a wou mer keng däischer Plaz hunn, wou mer eis mol kënnen zrëckzéien, wéi en Haischen oder e Koup Stréi. A raus dierfe mer net, well mer sou gären un Tapéiten a Stroumkabele knabberen.

Mierschwéngchen: Jo mee dat hätt se sech jo alles kënnen iwwerleeën, ier se eis bei sech geholl hunn.

Kanéngchen: Meeschtens kréie mer mol net richtig z'iessen. Well, wéi de Mënschen hir Kanner hu mer am léifste frëscht Uebst a Geméis...

PW: ????

Mierschwéngchen: Richtig! Mee eist Haaptiessen ass Hee, an net déi Kären do, dovunner gi mer déck a krank.

PW: Kléngt net gutt dat doten. Mee wa soss alles giff stëmmen, gëtt et dann iwwerhaupt Kanner, déi bei iech passen?

Di zwee: Jo, Kanner mat vill Gedold, déi méi roueg sinn.



Déi maachen eis manner Angscht a mat der Zäit iesse mer dann aus der Hand a loossen eis och mol heemelen.

Mierschwéngchen: An nach eppes: och wann dee Villchen hei eis zesummen interviewt huet, ech fille mech nëmme wuel mat anere Schwéngercher an de Kolleg hei nëmme mat anere Kanéngercher!



Hamster: Mech brauchts de guer net ze froen. Ech a Kanner, dat geet guer net! Dat fänkt schonn domat un, datt ech nuets aktiv sinn an da stonnelaang a mengem Hamsterrad lafen. Daagsiwwer schlofen ech a wëll net gestéiert ginn. A scho guer net getriwwelt a geheemelt. Vun Natur aus sinn ech en Eenzelgänger an ech brauch keng Gesellschaft, weder vu Mënschen nach vun aneren Hamstere. Iwwerhaupt, sou ee kleng Käfig mécht mech mëll. Dofir notzen ech all Geleeënheet fir fortzelafen a mech an der Wunneng ze verstoppen. An dat geet da



Hamster a Rat

fir eisereen oft schif aus: Mënschen, déi op eis trëppelen, oder wéi mäi Cousin, deen an eng voll Kaffistaass gefall ass oder meng Schwëster, déi am Staubsauger gelant ass. Nee wierklech, Mënsche sinn net menges!

Grommelt: Deen nächsten, dee mech lo aus dem Schlof rappt, dee bäissen ech an de Fanger...

PW: Deem seng Liewensweis hat ech mer ganz anescht virgestallt. Komm, mir loosse en a Rou, en huet et wierklech schwéier genuch.

Rat: Ech sinn op d'mannst sou e gudde Kolleg fir de Mënsch wéi den Hond. An ech si sou frou mat hinnen, well wou si sinn, ass ëmmer eng lass an dacks fällt nach e Maufel fir mech of. Mee anescht wéi e Mupp, geet et mir nëmme guut, wann ech ka mat Ratekollegen zesummeliewen. Mee Mënsche sinn net ze toppen, si hu lauter intressant Saachen an hire Wunnengen, déi ech kann ënnersichen an als Spillgezei notzen an - si kraule mech.

Ech brauch och vill Plaz am Käfig an ech brauch Auslaf a vill Beschäftigung. An dat Beschäft ass, wa mäi Mënsch mech mat raus hëlt. Ech sëtzen dann op senger Schëller a kucke mer dat alles un, wow, ass dat ëmmer spannend! Wann ech da midd sinn, krabbelen ech ënnert déi waarm Jackett an ech schlofen e bëssen.

PW: Wat méi kleng, wat méi iwuerzeecht vu sech. A wéi ee Kand passt da bei dech?

Rat: All Kanner, well déi mat mer spillen a mech kraulen. A wann et mer duer geet, da ginn ech menger Wee oder ech benotze meng Zänn. Jo, ech si kleng, mee ech hu Courage an ech weess mech ze wieren! Dës lescht huet sou een Däbbes mech um Schwanz gezunn, fir mech aus dem Käfig ze huelen. Jo geet et nach!? Ech mengen, en huet haut nach de Fanger wéi...

An nach ee klenge Rot, huet mech net mat an d'Schoul, well dat ass schrecklech langweileg!



* En Hausdéier ass keng (Spill)Saach, wat een an den Eck ka stellen, wann ee keng Loscht méi huet. Et ass e Liewewiese mat engem eegene Charakter a Gefiller, deem säi Liewe komplett bestëmmt gëtt vun der Famill an där et lieft. Dofir soll ee sech guut iwuerleeën, ob een Zäit fir en Déier huet an och d'Méiglekeeten, fir et richtig ze halen.



* Hausdéieren, déi erausginn oder a Kontakt mat aneren Déiere kommen, solle geimpft ginn, fir keng Krankheeten ze kréien.



* Hausdéiere sollen net onkontrolléiert Kanner kréien. Muppen, Kazen a Nagedéiere ginn dofir vum Déierendokter steriliséiert.



De Veterinaire, en

Moie Dr J., du bass also eng Doktesch, déi sech ëm d'Gesondheet vun den Déiere këmmert. Kéint ech och bei dech kommen, wann ech z.B. de Bauch wéi hunn?



Dr J.: Ech behandle virun allem Klengdéieren, déi d'Leit als Hausdéieren halen: dat sinn Hënn, Kazen, Kanéngercher, Hamsteren... Da ginn et och nach Dokteren, déi Groussdéiere behandelen, dat si Stalldéiere wéi Kéi, Schof, Geessen oder Päerd. An et gëtt och Spezialiste fir Zoodéieren a Wëlldéieren – an do giffs du dann higoen. Mee deng Krallen kéint ech der scho schneiden, wann et misst sinn...

Do hunn ech jo Chance, datt ech ëmmer ënnerwee sinn, beim Lafen notze meng Krallen sech of, a si mussen net geschnidde ginn. Mee, ziel eis mol! Firwat kommen d'Leit da soss nach mat hiren Déiere bei dech?



Dr J.: Si kommen, well hiert Mierschwéngchen net méi ësst oder well den Hond ugestouss ginn ass, also wann et engem Déier net gudd geet. Et geet awer net nëmmen drëm, krank Déieren ze behandelen, mee och drëm fir ze kucken, datt gesond Déieren och gesond bleiwen. Dofir maachen ech dacks Impfungen an och



Foto: Shutterstock

Behandlung gëint Parasiten, wéi z.B. d'Entwurmung bei Muppen a Kazen. An da kastréieren ech och nach...



Stopp, ech hunn dat Wuert net verstanen, kastréieren... wéi? Wat heescht dat dann?

Dr J.: Kastréieren ass, wann ech eppes mat den Déiere maachen, fir datt si keng Kleng méi kënnen kréien. Dat ass wichteg, well verschidden Déieren oft a vill Klenger kënnen kréien. Kuck, eng Maus ka schon am Alter vu 4 Woche Kanner kréien, an zwar dacks méi wéi 10 Stéck...

Déi Kleng gesinn zwar immens léif aus, mee wat mécht ee mat 10 kleng Mais, déi all no 4 Woche rëm kënnen Klenger kréien? Déi kann ee jo net all selwer halen a wien soll een déi da ginn? Als lescht Léisung bleift dann oft nëmmen den Déierenasyl, a wat solle si da mat all den Déiere maachen? Dofir hëllefen ech gärer dofir ze suergen, datt d'Hausdéieren net onkontrolléiert Klenger kréien.




Stëmmt, dat wor mir guer net sou kloer. Ech fannen Déierekanner sou léif, an ech hu guer net iwwerluecht, wat ee mat hinne mécht, wa si grouss sinn.



Dr J.: An da kënnt et och nach vir, datt ech Déieren euthanaséieren.

Scho rëm sou e Wuert, wat ech nach ni héieren hunn.

Dr J.: Dat heescht "aschléifere". Wann een Déier onheelbar krank ass an ze vill leide muss, da ginn ech Medikamenter, datt dat Déier aschléift an net méi wakereg gëtt. Dat ass dann dat eenzegt, wat ech fir sou een Déier nach ka maachen.



Der Dr J. hiert Behandlungszëmmer

Du mengs, dat Déier stierft dann am Schlof? Oh mei, dat mécht mech e bëssen traureg. Dat ass jo bestëmmt och net einfach fir dech, well du bass jo bestëmmt och frou mat Déieren. War dat eigentlech ee Grond fir Déierendokter ze ginn?

Dr J.: Jo natierlech, a kuck,



Dokter fir Déieren

sou ee wéi dech
muss ee jo einfach
gär hunn.

Lo sinn ech
genéiert.



Dr J.: Mee et geet awer net
duer, nëmme frou mat den
Déieren ze sinn. Et ass och
wichtig, Rou a Gedold ze
hunn an och ze probéieren,
den Déieren hier "Sprooch" ze
verstoen. Well anescht wéi s du,
kënnen déi aner Déiere jo net
schwätzen a mer net zielen,
wou et wéi deet.

PW: Stëmmt, dat
wor mer net kloer...



Dr J.:
Wann d'Déiere
bei mech
kommen,
si se dacks
opgereegt
an hunn
Angscht.
Den on-
gewinnten
Transport
an da
muss

ech si ënnersichen
an hinne vläicht och mol wéi
doen, wann ech hinnen z.B.
eng Sprëtzt muss ginn...

Richtig, an du
kanns hinne jo mol
net erklären, wat s du
méchs.

Dr J.: Jo, an
d'Mënschen,
déi mat hinne
kommen,
maache sech
dann och heiansdo

Suerger. Dofir ass et gutt,
ëmmer roueg ze bleiwen. An
et dierf een net fäerten, fir mol
gebass oder gekraazt ze ginn,
well vill Déiere sinn net léif a
brav, wa si bei mir an der Praxis
sinn. Si hunn Angscht a wiere
sech, struwelen a probéiere
fortzelaufen... Mee ech géif
trotzdem net wëllen eppes
anerens als Beruff maachen.



Dr J., mat wéivill
Joer hues du dann
ugefaangen als Dokter
ze schaffen? Bestëmmt
dach direkt no der
Primärschoul?

Dr J.: (laacht) Natierlech net.
Ech hunn nom Lycée nach e
puer Joer studéiert, vill Stagë
gemaach, Noutdénsgchter,...

Puhhh, et muss een
also vill léieren, ier ee kann
Déierendokter ginn... Sou, lo nach
eng lescht Fro. Ier d'Leit sech en
Hausdéier uschaffen, wat
solle se do maachen?

Dr J: Si solle sech virun allem
informéieren. Passt dem
Hausdéier seng Liewensweis
bei si? Hu si genuch Zäit, fir
sech ëm et ze këmmen?
Wie mécht de Käfig propper?
Kann een et mat an d'Vakanz
huelen? Muss et de ganzen
Dag eleng sinn? Hu si
iwwerhaupt genuch Plaz? A si
dierfen och net vergiessen,
datt en Hausdéier Sue kascht,
Fudder, "Zubehör", Impfungen,
Behandlung am Krankheetsfall,
Déierepensioun... Wann een
déi richtig Auswiel
trëfft, dann huet
d'Déier Freed
an och déi
Famill, wou et
lieft.

Merci fir dat
interessant Gespréich.
A wann ech mer awer
mol muss d'Kralle schneide
loossen, da kommen ech
sécher bei dech,
versprach!

Super... A
lo weess ech och
scho vill besser, wat
d'Déierendoktere sou
maachen. Mee - wéi
ass et da mat Heemelen
an Tréischten?





KNIWWEL

Seefeblosebiller


Du brauchst: e puer
Dëppercher mat
Seefebloseflëssegkeet,
Liewensmëttelfaarf,
e puer Blieder.

Maach e
puer Drëpse
Liewensmëttel-
faarf an all
Dëppchen.
Schrauf den
Deckel rëm
drop a rësel.



Rezept

100ml Wasser + 25ml Seife +
1,5 Teelöffel Backpulver + 1x Essig



Blos Seefeblosen op e
Blat Pabeier.



Jickebiller

Du brauchst: Kartongkëscht, Fanger- oder
Gouaschfaarf, Blieder, Jicken

Lee e Blat an d'Këscht

Tupp Fanger- oder Gouaschfaarf op d'Jicken.
Tëschenuewerch kanns du ëmmer nees nei
Faarf op d'Jicken tuppen

A lass, looss elo d'Jicken d'Këscht
jauwen



Eng explosiv Vulkanlandschaft

E Fantasiedier

Duerch
d'Hin- an
Hirschwenke vun der
Këscht rullen d'Jicken elo
kräiz a queesch iwwer d'Blat
an hannerloossen hir
Faarfspueren.




Tickesäckelchen



Lee en Teller op e Stéck Filz, Lieder oder Stofft a mol e Stréch ronderëm.




Schneid de Krees mat enger Schéier aus (huel eng Zickzackschéier fir de Stofft)



Mol all 2 cm (1 cm vum Bord ewech) e Punkt an dréck mam Locher oder enger Lachzaang Lächer dran.



Bei dënnem Material kanns du de Rondel a 4 falen (du hues eppes wéi en Taartestéck) an och all 2 cm laangsch de ronne Bord e Lach dra knipsen.



Zéi e Liederstréckel oder eng Schnouer duerch d'Lächer.



Du kanns eng zweet Schnouer vun der anerer Säit derduerch zéien.



Zesummenzéien, e Knet un d'Enn vun der Schnouer maachen (vläicht mat enger Pärel) a fäerdeg!



AUTSCH!

ENG BLODER?

Wien hat se net
schonns un de
Féiss no laangem
Goen oder un
der Hand nom
ville Gruewen
am Gaart?
Eng Bloder.



Ma huft der iech dann och schonns gefrot, firwat mir déi Blosen do kréien a firwat se dann och nach esou wéi dinn?

Ma dat ass ganz einfach. Eng Bloder entsteet do, wou ons Haut duerch stänneg Reiwung staark gereizt gëtt, z. B. wa mir beim Spazéieregoe Schong un hunn, déi ons net richtig passen. Da gëtt op där Plaz d'Haut

ganz rout an de Kierper schléit Alarm: et fänkt u wéi ze doen. Wa mir dann awer net dono kucken an einfach weiderginn, muss onse Kierper sech selwer schützen. Dat mécht hien, andeems hien tèschent der ieweschter Haut (der sougenannter Epidermis)

an der Liederhaut (der Dermis) Flëssegkeet usammelt. Eng Bloder entsteet. Dës soll als Puffer dengen an och verhënneren, datt iwver déi verletzten ieweschter Haut Bakterien a Keimen un déi méi empfindlech Liederhaut kommen.




WAT SOLL EE MAACHEN, WANN EEN ENG BLODER HUET?

Du solls se wa nëmme méiglech zou loossen. Dëst aus guddem Grond, well se bidd e gudde

Schutz géint d'Verknaschten an d'Entzündung vun der verletzter Plaz. Deet d'Bloder awer ze vill wéi a stéiert dech andauernd, da fro en

Erwuessenen ëm Rot. Hie kuckt dann, ob een d'Bloder oppicke muss. Dofir wäert hien eng dënn Nol ganz ganz propper maachen a pickt domadder an d'Bloder, fir datt d'Flëssegkeet erauslafe kann. Awer opgepasst! Elo sollt onbedéngt desinfizéiert a gläich eng Plooschter drop gemaach ginn, fir ze verhënneren, datt se sech entzündung kann.



HEELT ENG BLODER GUTT?

No e puer Deeg ass d'Bloder normalerweis nees fort. Dobäi dréchent déi iewesch Hautschicht aus, léisst sech dann ewechhuelen an ënnendrënner hu mer dann eng nei Hautschicht, déi sech ufanks ganz glat uffillt. Sollt deng Bloder awer ëmmer méi wéi doen an net richteg heelen, dann hues du eng Entzündung an der Wonn. Opgepasst! Entzündunge mussen onbedéngt uerdentlech behandelt ginn, dat heescht desinfizéieren an duerno eng Plooschter drop! Zéck och net bei den Dokter ze goen, wann et sech net bessert.

WAT KANN EE MAACHEN, FIR KENG BLODER ZE KRÉIEN?*

* Et sollt ee gutt oppassen, datt ee keng kleng Steng oder och Falen an de Strémp huet, wann een d'Schong undeeft. Dëst ginn duerno gären déi Plazen, déi dauernd op d'Haut drécken an derwider reiwen.

* Och sollt ee Schong undoen, déi engem gutt passen, net ze kleng awer och net ze grouss sinn.

* Wichteg ass och, datt een net mat naassen oder fiichte Féiss an d'Schong klëmmt. Duerch d'Nätzt quëllt d'Haut vun de Féiss op, gëtt méi méll a soumadden och méi empfindlech.

* Dofir soll een och bei laangen Touren zu Fouss seng vum Schweess fiicht Strémp mat Zäite wiesselen.

* Solls de eventuell nei Schong hunn, déi nach net agetrëppelt sinn, kanns du och schonns op déi Plaz, wou s de mierks, datt se liicht drécken, eng Blodereplooschter drop maachen. Dës speziell Plooschter kriss de an all Apdik; se huet e klengt Polsterkëssen drop, dat deng Féiss gutt schützt an du kannsw ouni Problem Dosende vu Kilometere jauwen!





KNiWWEL

Kraiderkichen

Rouden Ueleg

Ee Glas mat roudem Ueleg aus Haardenol (Johanniskraut, Millepertuis, St John's wort, *Hypericum perforatum*) stung bei menger Mamm ëmmer am Schaf.

Wa mir Kanner getroll sinn a Bëlzen oder opgeschruppte Knéien haten, huet si eis mat Watt (huel léiwer e Wattedpad oder Gaze oder e proppert Duch) rouden Ueleg drop getuppt. Dat huet gehollef heelen an ofschwëllen an et huet guer net méi sou wéi gedo ...

wann s du géint d'Luucht kucks, gesäls du Lächer am Blat
Foto: Michael Gasperl

Sammel Bléien a maach se an e Glas.



Schëtt Olivenueleg driwwer (ongeféier duebel sou héich Ueleg wéi Bléien).



Maach d'Glas mam Deckel oder mat Frischhaltefolie zou a looss et hell a waarm (baussen oder bannen um Fënsterbriet) stoen ...



... bis den Ueleg schéi rout ass (dat ka bis 6 Wochen daueren).



Schëtt en duerch e Gebeessdich (oder e Kaffisfilter) an e proppert Glas (Gebeessglas mat Schraubdeckel oder Bokal). Maach e gutt zou a versuerg e kill an däischter. De rouden Ueleg hält sech ganz laang.



AUAA!





Déi virleefeg Rettung vum Kākāpō

Strigops habroptila

De Kakapo oder och Eilepapagei
lieft op Neuseeland an
als Papagei ass hie ganz
aussergewöhnlech.

Hien ass bal nëmmen nuets ënnerwee, an
zwar zu Fouss, well hie kann net fléien.
Hien ass dee Papagei, dee wahrscheinlech
am längste leeft: 75 Joer a méi.
Hie kritt nëmmen all 2 bis 5 Joer een
oder zwee Klenger an hien ass ee vun de
seelenste Vullen. Am August 2014 wore si zu
126, an et ass nach net kloer, ob de Kakapo
laangfristeg iwwerliewe kann. Et sinn awer
nach keng 200 Joer hier, do gouf et nach
Zéngdausende vun hinnen - wéi konnt et
dozou kommen?



Foto: jidanchaomian via Flickr

Hei dem Kakapo seng Geschicht

Neiséiland ass eng ofgeleeën Insel um aneren Enn vun der Welt. Ier de Mënsch op dës Insel komm ass, gouf et ausser 2 Fliedermauszorte weider keng Mamendéieren méi, awer méi wéi honnert verschidde Vullenzorten. Vill vun hinne konnten net fléien, well si do keng Feinden haten, virun deenen d'Fortfléien eppes genotzt hätt. (Kuck am PW 3/2009 S.10&11)



Viru 700 Joer sinn déi éischt Mënsche vu wäit hir op Neiséiland gelant a sinn do bliwwen – a vun do un ass d'Vullerliewen ëmmer méi schwéier ginn. Dat lounge net nëmmen dorunner, datt de Mënsch si giess huet, mee virun allem dorunner, datt hien hire Liewensraum verännert huet, an zwar sou, datt et fir si net méi méiglech war, do z'iwwerliewen.

Een anere grouss Problem fir d'Natur sinn déi Déieren, déi de Mënsch gewollt oder ongewollt matbréngt, wann e sech nei éierens usidelt, egal wou dat lo ass. Op Neiséiland sinn

déi éischt Awanderer mat hiren Hënn komm a si hate Raten als ongewollt Passagéier op hire Schëffer. D'Raten hu sech op der Insel wuelgefillt. Et gouf vill z'iessen, vill Plaze fir ze wunnen, en agreabelt Klima a sou gudd wéi keng Feinden, sou datt si sech immens séier iwwer d'Insel ausbreede konnten. Fir Vullen, déi um Buedem bréien oder net kënne fléien, si Raten an Hënn eng déidlech Gefor, well si huele sech net nëmmen den erwuessene Vull, mee och seng Eeër a seng Kleng.

Wéi du virun 200 Joer och ëmmer méi Leit aus Europa an Neiséiland agewandert sinn, hu si net nëmmen Hënn, mee och Kaze matbruecht, Schof, Geessen, Kanéngercher an natierlech nach méi Raten. Déi nei Sidler hu riseg Flächen ofgeholzt, fir Landwirtschaft ze bedreiwen an hir Notzdeieren drop ze setzen. Vun do u sinn et ëmmer manner Kakapoe ginn: et gouf ëmmer manner Bëscher, wou si konnte wunnen. Raten, Kazen an Hënn hu si, hir Eeër an hir Kleng gefriess.



59 - 64 cm
Gewicht: 950 - 4.000 g



An de Kakapo, dee sou grouss a sou déck ass wéi en Hong, war och e gudde Brot, deen einfach ze fänke war. Sou koum et, datt si zu Dausenden an de Kachdëppe gelant sinn.



Foto: Mnoft

Planzen, Somen, Friichten, Pollen an de Saaft vun de Beem stinn um Menu.

De Kakapo huet en zoutraulecht Wiesen an huet och keng natierlech Angscht virum Mënsch. Dat huet gemaach, datt hie vereenzelt als Hausdéier gehale gouf, mee virun allem hunn déi Verhalensweisen hie ganz uewen op d'Wonschlëscht vun de Jeeër gesat.

A well de Kakapo nëmmen all 2-5 Joer Klenger kritt, huet et dunn net all ze laang gedauert, bis hie kuerz virum Ausstierwe stoung. 1995 gouf et nëmmen nach ongeféier 20 Kakapoen, déi wahrscheinlech nëmmen iwwerliewt hunn, well se ganz verstoppt an ofgeleeëne Bierger gelieft hunn.



Hëllef fir de Kakapo

Och wann dem Kakapo seng Situatioun zimlech hoffnungslos war, hunn eng handvoll Leit decidéiert, eppes ze maachen, fir datt deen drolechen Eilepapagei net ausstierwe muss.

Si hunn déi lescht Kakapoen all op zwou onbewunnten Insele bruecht, wou se virdrun dofir gesuergt hunn, datt keng Raten a verwëldert Hënn a Kaze méi do waren, sou datt si konnten

ouni onnatierlech Feinde weider liewen a Klenger kréien.

Si liewen do an der fräier Natur a si streng geschützt. Déi Insele si gespaart fir Touristen a regelméisseg gëtt kontrolléiert, ob nach ëmmer keng Raten oder Kazen op der Insel sinn. Sou eng Plaz nennt een och Reservat. Dat ass eng Plaz, wou bestëmmten Déiere sech streng geschützt laangfristeg erhuele kënnen.

Bei de Kakapoe liewe Wëssenschaftler, déi iwwer deen ongewéinleche Vull fuerschen, an och Leit, déi am Naturschutzgebitt hëllef, ouni dofir bezuelt ze ginn. Dat ass eng haart Aarbecht, an do gi Leit gebraucht, déi z.B. 20 kg e Bierg erop kënnen schleefen. Leit, déi sou eng schwéier Aarbecht net packen, kënnen och eppes fir de Kakapo maachen: z.B. ee vun hinnen «adoptéieren», dat heescht, datt si eemol am Joer



Neiséiland



e puer Suen un déi Associatioun iwwerweisen, déi sech ëm den Eilepapagei an d'Natur, an där hie leeft, këmmert.




Foto: Errol Nye

E Kakapo um Aarm vum Don Merton, hien ass Ornithologue, an hien hat deemols d'Iddi de Kakapo virum Ausstierwen ze retten.



Foto: Brent Barrett

Dee bekanntesten neiséilännesche Villchen ass de Kiwi. Och hien ass, wéi de Kakapo, nuets aktiv a kann net fléien. Hien ass och immens seelen an ass eng Zort Nationalvull, well d'Neiséilänner nenne sech selwer och «Kiwien».



Een anere relativ bekannte Vull ass de Moa, deen awer schonns viru méi wéi 500 Joer ausgestuerwen ass. Hie war mat sengen 250 kg ee vun de gréisste Vullen, déi jeemools op der Äerd gelieft hunn. Fléie konnt e mat dësem Gewicht natierlech net.



La cigale et la Fourmi

Jean de LA FONTAINE (1621-1695)

De Jean de La Fontaine,
gebuer den 8. Juli 1621 zu
Château-Thierry (Département
Aisne a Frankräich) a
gestuerwen den 13. Abrëll 1695
zu Paräis, war e franséische
Schrëftsteller. Seng Wierker
gehéieren zu de grouse
Klassiker vun der
franséischer Literatur.



La Cigale, ayant chanté
Tout l'été,
Se trouva fort dépourvue
Quand la bise fut venue:
Pas un seul petit morceau
De mouche ou de vermisseau.
Elle alla crier famine
Chez la Fourmi sa voisine,
La priant de lui prêter
Quelque grain pour subsister
Jusqu'à la saison nouvelle.

"Je vous paierai, lui dit-elle,
Avant l'Oût, foi d'animal,
Intérêt et principal."
La Fourmi n'est pas prêteuse:
C'est là son moindre défaut.
Que faisiez-vous au temps chaud?
Dit-elle à cette emprunteuse.
Nuit et jour à tout venant
Je chantais, ne vous déplaie.
Vous chantiez? j'en suis fort aise.
Eh bien! dansez maintenant.





Wisemusikanten

Zikad - Zikade - cigale - cicada - *cicadidae*

Besounesch ronderëm
d'Mëttelmier sinn d'Zikade
fir hir Concerte bekannt.
Och hei zu Lëtzebuerg si
schonns 388 verschidden
Aarten Zikade fonnt ginn.



Cercopsis vulnerata (Blutzikad)
Op Kraider op Wee- a Feldränner, ganz heefeg zu Lëtzebuerg





Cicadetta montana (Biergzikad) Op waarme Plazen op Lafbeem, ganz rar zu Lëtzebuerg




Firwat ginn et bei ons keng Zikadeconcerten?



Ganz einfach, mir héiere just d'Geräischer vun de Sangzikaden. An hei zu Lëtzebuerg leeft just eng eenzeg Sangzikad op waarme Plazen: d'Biergzikad, an déi ass immens rar. Ons Ouere sinn ze schlecht, fir och d'Musek vun deenen aneren Zikaden ze héieren.

Bei den Zikaden zéien um Hannerleif Muskelen Deeler vum Panzer no bannen (bis 100x ☐ 300x ☐ 900x ☐ an der Minutt) a wa si erëm lassgelooss ginn entsti Geräischer.

Dat ass, wéi wann s du géifst de gewölbten Deckel vun enger Béch erandrécken. Hire Bauch ass eidel wéi eng Gitar, dofir kléngt d'Geräisch sou haart.



Agallia consobrina (Déckkappzikad) Op Brennesselen am Schiet, net iwwerall am Land ze fannen



Alebra albostriella (Gestriift Blatzikad) Op Lafbeem (Eechen), ganz heefeg zu Lëtzebuerg



Aphrophora alni (Elleren Schaumzikad) Erwuessener op Lafbeem, Larven op Kraider, ganz heefeg zu Lëtzebuerg




Arthaldeus pascuensis Op Gras (gutt gedüngte Plazen), ganz heefeg zu Lëtzebuerg

Beschreibung

D'Zikade gehéieren zu den Insekten: si hunn also 6 ☐ 8 ☐ 12 ☐ Been.

Si kënnen lafen, fléien a souguer och sprangen. Hei zu Lëtzebuerg sinn déi meescht Zikaden immens kleng: manner wéi 1 cm, mä si kënnen awer ganz faarweg sinn. Just d'Biergzikad ass knapp 2 ☐ 3 ☐ 5 ☐ cm grouss.



? cm



Foto: Gernot Kunz

Balclutha punctata Op Gras beim an am Bësch, ganz heefeg zu Lëtzebuerg



Errastunus ocellaris (Brong getëppelt Graszikad) Op gutt gedüngte Wäsen, ganz heefeg zu Lëtzebuerg



Eupteryx aurata (Goldblattzikad) Op Brennnesselen op fichte Plazen, ganz heefeg zu Lëtzebuerg



Euscelis incisus (Kléizikad) A Wäsen op dréchene Plazen, ganz heefeg zu Lëtzebuerg



Philaenus spumarius (Wisenschauzikad) Op Kraider a Grieser a Wäsen, déi heefegst Zikad zu Lëtzebuerg



Entwecklung

D'Zikade leeën Eeër, aus deene Larven erausklammen. Aus dem leschte Larvestadium klëmmt déi erwuessen Zikad eraus. Bei den Zikade gëtt et kee Poppestadium wéi bei Päiperleken. Schaumzikaden hunn e super Trick erfonden, fir hir Larven ze schützen. D'Eeër ginn a Flëssegkeet geluecht, wou Loft dra geblose gëtt an doduerch zu Schaum gëtt.

lessen

D'Zikade suckele mat hirem Rüssel de Jus aus de Planzen. De Kack, an deem dofir vill Zocker ass, gëtt ganz wäit ewech gesprëtzt, well soss géif en um Hannerleif peche bleiwen an d'Zikade géife stierwen. Verschidden Zorte si ganz kriddeleg: si gi just op eng ganz bestëmmte Planz drénken.



am Schaum agepaakt

Iwwerwanterung

D'Zikaden iwwerwanteren als Ee, als Larv oder als Erwuessener. Fir net am Wanter ze erfréieren, produzéiere Larven an Erwuessener Antigel an hirem Kierper.



Zikadefuerscher

Fir op Zikadejuegd ze goen, brauchst du e Faangnetz mat ganz enke Maschen, eng Becherlupp a gutt Wieder.

Fuer mam Netz duerch d'Gras a probéier Zikaden am Netz ze fannen. Ënnersich si an der Becherlupp a looss si duerno erëm fräi.



Foto: shutterstock



KNIW WEL

Origami



wel e quadratescht Steck Pabeier

Origami
Zikaden

ganz flott ginn deng
Zikade mat
zweefaarwegem Pabeier

Kugelen an der Natur

SPHERE GLOBE BALL BULLET BOULE BALLE PALLOTTA
SEERA BOL KOGEL
ESPERA BOLA BALA BULL KUGEL JICK



Eng Kugel ass ronn, ouni Ecken a Kanten.

E bësse Physik a
Mathe fir d'Wëssenschaftler
ënner iech:

- all Punkt vun der Kugel hirer Uewerfläch ass gläich wäit vun hirem Mëttelpunkt ewech.
- Vun alle Formen huet d'Kugel déi klengst Uewerfläch fir e Volume. Oder anescht rëm kann d'Kugel dee gréisste Volume (dat, wat dran ass) mat hirer Uewerfläch ëmschléissen.

Ojee,
Mathe!!!




Foto: shutterstock

Ëmmer wann e
grousse Volume soll an
eng sou kleng wéi méiglech
Uewerfläch gepaakt ginn, mécht
d'Natur eng Kugel:

ëmmer
d'nämlecht wäit
ewech!!

bei Seefeblosen a
Waasserdrëpsen
zum Beispill a bei
Planéiten a Stären!
Sou e Stär huet
eng riseg Mass. A wéi eng Form gëtt
d'Natur him, fir déi Mass sou kleng
wéi méiglech ze verpacken?
Richtig, eng Kugel!

Beim Forme
vu Kugele spillen
d'Zentrifugalkraaft (dat
ass déi Kraaft, déi dech um
Kettekarussell no baussen zitt)
an Äerdunzéiungskraaft (déi
Kraaft, déi den Apel, dee vum
Bam fällt, op de Buedem
falen deet) och mat.



Planéite si Kugelen, awer keng perfekt.

Planéite si
Kugelen, awer keng
perfekt. Wéi si entstan sinn,
ware si lauter kleng Deelercher,
déi am Weltall ronderëm geflu
sinn. D'Unzéiungskraaft huet déi
Deelercher zesummebruecht an
hält se och zesummen. Duerch
d'Ëmdréiung huet sech eng
Kugel geformt. E Beispill:
eis Äerd.




Foto: Dschwen

An der Natur sinn d'Kugelen net
ëmmer perfekt.

Wëssenschaftler vun der Universitét
vun Hawaii hu viru kuerzem
erausfonnt, datt d'Sonn dee
perfektesten natierleche ronnen Objet
an eisem bekannten Universum ass.

Wann s du e Ball opbléis,
kritt en eng ronn Form,
well e probéiert sou vill wéi
méiglech Loft an enger
klengstméiglecher
Uewerfläch ze halen.



Kugel



Kugel



Kugel



Kugel



Bulle



Bulle



Foto: shutterstock

Kugel
(wie op Däitsch)



Foto: shutterstock

Kugel



Kugel

Kugel



Maach
wéi ech a probéier
ob s du alles iwwer
Kugelen a Bulle
weess.



Kugel

Hei nach e puer aner
praktesch Uwendungen vu
Kugelformen

Tauchkugel



Kugellager



Foto: Plus Minus

Et
ginn immens vill
flott Jickespiller, an
du kanns dir selwer
nach eent aus-
denken ...

Leemboccia

Mir
zéien e Krees. Déi
gréisste Kugel leeë mer
an d'Mëtt. Vum Kreesrand aus
versiche mer een nom aneren d'Kugel
ze treffen. Deen, deen d'Jick trëfft, däerf
sech all déi aus dem Spillfeld huelen.



Mir baue
selwer Jickebunnen.



VILL ANER SPILLER

... AN NACH

KREESSPILL

Mir
zeechen e Krees
vun 30 cm Duerchmesser op
de Buedem an do ronderëm
een anere vun
ca 2 m
Duerchmesser.
An de banneschte
Krees leeë all Kand 2 Jicken. Noenee probéieren
d'Kanner mat enger Jick vum baussechste Krees
aus eng aus dem banneschten erauszeschéissen.
Déi rausgeschossen däerf een halen.



Deegrull



Kugeldäsch





Selwer Jicke rullen

Aus kaaftenem Toun (oder tounegem Buedem, dee mir an enger Baugrouf fannen) kann ee ganz guut Jicke rullen, déi einfach just an der Loft gedréchent ginn. Et kann ee se natierlech och vun engem, deen e Keramikuewen huet, brenne lossen.



Leem téschent den Hänn zu Bulle rullen



dréchne loossen an eventuell fierwen

Flott ass et och, wa mir Jicken aus verschidde faarwegem Toun formen oder eenzel Jicken duerno fierwen (z.B Gold oder Sëlwer). Dat geet einfach, wa mir Gummihänschen undinn, e bëssen Acrylfaarf op d'Handfläch ginn an dann d'Bullen an der Hand rullen, bis iwwerall Faarf drun ass.



Impressum

Redaktiounscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens,
C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen,
S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann,
M. Kirsch, M. Reichard, F. Theisen,
L. Schley, M. Ursone, F. Wolff

Texter:

J. de la Gardelle, S. Goerens,
M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen,
C. Heidt

Grafik an Illustratioun:

A. Faber, S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen,
M. Moritz

Fotoen:

'natur musée', J. de la Gardelle, F. Kunz

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt vun




Ministère de la Culture -
Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de l'Education nationale, de
l'Enfance et de la Jeunesse -
Service national de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et
des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts
Administration de l'Environnement -
Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de la Santé

Abonnementer & Info

panda-club@mnhn.lu
Tel.: 462233 450

Als Member vum Panda Club kriss du
d'Zeitung „de Panewippchen“
4 mol am Joer geschéckt.
Fir Erwuessener, déi „De Panewippchen“
fir e Grupp vu Kanner wëllen abonnéieren,
si 6 Exemplare vun all Nummer
gratis, vum 7. Exemplar u free mir en
Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab
a pro Exemplar.

Den 'natur musée' zu Lëtzebuerg



Prof téiert vun den nächste
Méint a kommt nach eng Kéier
d'Dauerausstellung vum 'natur musée'
kucken.

Vum 17. August 2015 un ginn
d'Ausstellung vum R-Ch. an 1. Stock
komplett fir lech erneiert. D'ganz
Equipe vum 'natur musée' schafft hei
mat a freet sech, lech am
Dezember 2016 an engem ganz neien
'natur musée' begrüessen ze kënnen.

Den 'natur musée' ass natierlech
net ganz zou! Den 8. Oktober 2015
geet déi nei grouss Ausstellung
iwwer Lëtzebuurger Fuerscher an
Explorateuren a Latäinamerika op.